Léif Kolleeginnen an Kolleegen aus dem Gemengerot,

Dir Dammen an Hären aus der Finanzkommissioun,

Léif alleguerten,

Mir sinn frou Iech déi aktuell finanziell Situatioun vun eiser Gemeng ze presentéieren. Do hunn mer :


- D'Konten vum Joer 2022. Des goufen den 14. Juli 2023 ofgeschloss an dem Inneministèrë iwwermëttelt. Mir waarden elo dass den Contrôle vum Inneministère duerchgefouert gëtt an wäerten am Fréijoer 2024 den definitiven Décompte vum Joer 2022 hei am Gemengerot presentéieren an ofstëmmen.
- Dann den Budget rectifié 2023, also den ugepassten Budget vum Joer 2023, deen den leschten Gemengerot hei den 14. Dezember 2022 gestëmmt huet. Héi goufen Zuelen aus dem Budget 2023 un déi aktuell Zuelen, also déi effektiv Depensen an déi effektiv Recetten vun 2023 an un d' Previsiounen bis Enn des Joers ugepasst.

An dann natierlech den Budget 2024, also d' Finanzplanung fir eis Gemeng fir dat nächst Joer.

Dëst ass en Iwwergangsbudget deen an der Kontinuitéit ass vun den Projeten déi an den leschten Joren hei am Gemengerot gestëmmt goufen. Zanter den Gemengewalen vum 11. Juni 2023, ass et eng néi Koalitioun vun DP an LSAP déi Geschécker vun der Gemeng déi nächst Joren wäert leeden. Mee mir setzen awer ganz kloer bei ganz villen Projeten op Kontinuitéit. Bei villen groussen Projeten fir eis Gemeng ass schonn eng ganz grouss Viraarbecht geleescht ginn an wichtegen Jalon 'en sinn gesat, wei zum Beispill beim néien Duerfkär an den Masterplang iwwert Besoin'en um Schoulcampus bis 2050. Bei engem aneren wichtegen Projet, dem néien Ressourcenzenter, matt néien Raimlechkeeten fir den SIAS, der néier Pompjeeskasär an dem Gemengenatelier sinn mer awer schonn säit Méint an enger Sakgaass an wou et elo drëm geet fir eng néi Dynamik ze kréien.

Fir awer elo net schonn op eis extraordinäre Ausgaben virzegräifen, fänken mer matt puer méi generellen Zuelen zu eiser Gemeng un:

- Populatioun




Aktuell wunnen ronn 4.400 Bierger matt 88 Nationalitéiten an eiser Gemeng. Insgesamt konnten mer eist gemeinsaamt Zil vun engem moderaten Wuesstem iwwert déi lescht Joren erreechen, sou dass eis Gemeng am Duerchschnëtt matt 1,7 % gewuess ass.

Dëst Zil vun engem moderaten Wuesstem wäert an Zukunft en Challenge bléiwen, well mer jo natierlech en enormen Wuesstemsdrock an eisem Land hunn an doduerch ëmmer méi Wunnraum entstoen soll. Dësen entsteet duerch d'Bannenverdichtung, wou et Zil ass fir op bestoend Parzellen, also Buedem deen haut schonn gréisstendeels versigelt ass, méi Wunnraum ze schafen. Héi kennen mer all d' Beispiller vun Eefamilljenhaiser déi duerch Morcellementer duerch Maisons jumelées oder maisons en bande ersat ginn. Oder awer och duerch Residencen matt méi Wunneenheeten, wei mer aktuell op der Haaptstrooss zu Mënsbech eng Réi Projet'en am Bau gesin, an awer och nach an der Planung oder der Geneemegungsphase sin. Aktuell sinn awer och d' Infrastrukturaarbechten um PAP Schënnbierg schon gudd virun komm, wou mëttelfristeg 20 Eefamilljenhaiser an 16 Appartementer entstoen wäerten. An den nächsten Joren kënnt dann och nach den PAP Bréim wou nach mol 88 Wunneenheeten dobäi kommen.

Nieft eisen BiergerInnen an Bierger hunn mer awer och eng Aktivitéitszone wou aktuell ongeféier 5.300 Léit schaffen an esou zum Wuelstand vun eiser Gemeng awer virun allem vun eisem Land bäidroen.

Fir awer zréck op eis Finanzsituatioun ze kommen, fänken mer un matt eisem aktuellen Patrimoine. D'Gemeng Schëtter huet :


- Ongeféier 14 Milliounen Euro op den Bankkonten an keng Verscholdung;
- Mir besetzen 226 HA Bësch, 33,4 HA Terrain Wisen an Akerland, souwuel an der Gemeng wei och an den Nopeschgemengen;
- Mir hun 5,28 HA Terrain am Bauperimeter, wouvun der 3,50 ha an eisen Aktivitéitszonen léien.
- Heizou gehéieren 12 Haiser an 8 Appartementer déi mer aktuell am Kader vum sozialen Wunnengsbau verlounen.
- Um Fonds de réserve budgétaire hunn mir aktuell nach en Montant vun 1,6 Milliounen EUR stoen.

Wat den Budget elo betrëfft, fänken mer un matt der Präsentatioun vum ordinären Budget, also den alldeeglechen Recetten an Depensen vun der Gemeng:


- Recettes ordinaires

Do ass et esou dass mer 2022 Recetten vun 20,1 Milliounen EUR haten, fir 2023 schätzen mer se op 23,45 Milliounen an fir 2024 sinn ordinär Recetten vun 23,78 Milliounen virgesinn. Ech mengen do gesäit een schonn, dass méi schwéier Zäiten op eis duerkommen. Wann mer beim Budget rectifié 2023 nach vun enger Croissance vun 16,52 % par Rapport zu 2022 ausginn, sou rechnen mer fir 2024 just nach matt enger Croissance vun den Recetten vun 1,39 % fir 2024 par Rapport zum Budget rectifié vun 2023.


Wei setzen sech des Recettes ordinaires zesummen:




Den Fonds de dotation globale des communes (FDGC) ass matt ongeféier 70 % déi gréissten Akommensquell fir d' Gemeng Schëtter. Dësen FDGC gëtt zum Deel gespeist vun der direkter Steier, der TVA oder och nach der Autossteier. Fir d' Berechnung vum Verdeelen vun dëser Dotatioun ass den Haaptcritère deen vun der Populatioun wat eis Gemeng benodeelegt, well mir jo éischter moderat wuessen wëllen.




Des Berechnungen berouen op den Virgaben vum Inneministèrë wéi se an der Circulaire vum 26. Oktober 2023 virgesinn sinn. Héi stellen mer fest, dass den Staat nach fir 2023 matt enger Croissance vun 12,8 % rechent, wat fir eis Gemeng engem Montant vun 16,2 Millounen EUR entsprécht, sou ass des Croissance fir 2024 just nach vun 15,1 % par Rapport zu 2022, wat am Budget 2024 engem Montant vun 16,5 Milliounen EUR entsprécht.




Eis 2. grouss Recette ass den ICC, den Impôt commercial Communal. Dësen mécht ongeféier 12 % vun eisen Recetten aus. Héi kritt all Gemeng en Deel vum ICC deen um Territoire vun der Gemeng erwirtschaftet gëtt. Fir 2022, kruten mir 2,3 Milliounen ausbezuelt, am Verglach matt engem Gesamt ICC vun 15,8 Milliounen deen zu Schëtter erhuewen ginn ass, sinn dat mol keng 14 % méi déi fir eis Gemeng iwwreg bléiwen. Fir 2023 rechnen mir am Budget rectifié matt engem Montant vun 2,65 Milliounen EUR, an fir 2024 sin op der Basis vun der Circulaire vum Inneministèrë nëmmen nach 2,4 Milliounen virgesinn, also 265.000 EUR manner.

Eleng un Hand vun deenen 2 Recetten geséit een, dass eis Wirtschaft méi lues dréint an dass doduerch eis Recetten beim ICC riskéieren erofzegoen, an dass d'Croissance bei den Dotatiounen vum Staat iwert den FDGC och net méi sou schnell wiisst wei dat déi lescht Joren den Fall war.




Déi aner Haaptrecett ass den Impôt Foncier, also Grondsteier déi um Territoire vun der Gemeng erhuewen gëtt. Héi sinn Recetten fir 2024 vun 300.000 EUR virgesinn.

Dann sinn et och nach Loyeren déi mir op den Wunnengen kréien, déi mir am Kader vum erschwénglechen Wunnraum verlounen. Héi léien Recetten bei 178.000 EUR am BR vun 2023, an 200.000 EUR sinn vir 2024 virgesinn. Aktuell hunn mir 12 Haiser an 8 Appartementer déi mer verlounen. Do kommen 2024 nach déi zousätzlech Recetten vum Haus Scheuer an vum néien Studio am Späicher vum Haus Berna.

Wat Recetten aus den Taxen vum Offall an der Waasser-Versuergung ugeet, analyséieren mer déi méi am Detail zesummen matt den Depensen an dësem Beräich.


- Dépenses ordinaires

Bei den ordinären Depensen, ass d' Situatioun déi dass des vun

2022: 13.827.938,80€


BR 2023 : 17.263.546,90

BI 2024 : 18.164.320,62€ erop ginn.





Héi ass den Haaptposten deen vun den Personalkäschten, déi bei ronn 6 Milliounen EUR léien, wat ronn 1/3 vun den Depensen ausmécht.

- Personal



Aktuell beschäftegt d'Gemeng 52 Léit, dovun 17 an der Administratioun, 10 am Service Technique, 1 Garde-champêtre, 1 am Service scolaire, 18 an der Régie an am Atelier an 5 an der Conciergerie.




Dest presentéiert en Käschtepunkt fir 2024 vun 6,07 Milliounen EUR par Rapport zum Budget rectifié vun 2023 wou d'Personalkäschten bei 5,4 Milliounen EUR wärten léien. Fir 2024 ass daat eng Stéigerung vun 12,64 % par Rapport zum Budget rectifié vun 2023.

Et sief hei awer gesot, datt déi 3 Indextranchen am Laf vum Joer e groussen Impakt op dëse Posten hunn, déi elo am BI 2024 zum Droen kommen. Héi ass et wichteg ze soen datt déi lescht Indextranche um 1 September 2023 fälleg war an esou nach keen esou ee groussen Impakt op den BR 2023 huet.

Nom Prinzip vun der prudence hu mir och eng potentiell Indextranche fir dat zweet Trimester 2024 am BI 2024 virgesinn, op Basis vun den Estimatiounen vum STATEC.


Zousätzlech gouff mam Arrêté ministériel vum 23 Oktober den Taux vun den Cotisatiounen un d'Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux drastesch erhéicht. Sou ass et, datt ab dem 1.1.2024 den Taux vun der Cotisatioun elo op 28,01% erop geet, am Verglach mat 20,30% aktuell.

Eng zousätzlech Explikatioun ass déi, datt mer am Laf vum Joer Retouren aus Laangzaitcongé'en  haten, wou den finanziellen Impakt op 2024 méi staark ass ewéi den pro rata am Joer 2023.

Dann ass awer och schon virgesinn, een Posten am Service technique, deen aktuell net besat ass, ze besetzen, souwéi ze kucken fir nach en zousätzlechen Posten, deen méi spezifesch Projeten am Déifbau begleeden soll, ze schafen. Dann ass och virgesinn, fir d’ Administratioun, am Kader vun der Ëffentlechkeetsaarbecht ze verstäerken. Des Rekrutementer baséieren notamment op den Konklusiounen vum Audit deen Ufank des Joers realiséiert ginn ass.

- Ooffall

Kommen mer dann zu den Recetten an Depensen am Beräich vun der Offall Entsuergung.





Beim Oofall gesin mir fir 2024 Recetten an Héischt vun 535.000 EUR vir an Dépensen vun ronn 795.000 EUR.

Bei der Gestioun vum Offall ass et esou, dass hei Depensen all Joer méi héich sinn wei d’ Recetten. Et ass och esou dass d’ Recetten relativ stabel sinn, woubäi een awer drun erënneren soll, dass duerch dat néit Offallreglement zwar Quantitéiten vum Dreck déi op der SIDOR verbrannt ginn erofgaangen sinn, mee op der aner Säit sinn jo och Tariffer eropgaangen.


Bei den Depensen ass ech och esou dass d’ Rechnungen vun der SIDOR an dem Minettkompost par Rapport zu deem effektiv verschafften Offall relativ stabel sinn, oder nëmmen liicht klammen. Op der anerer Säit sinn awer

Fonctionnementskäschten vum SIAS am Beräich vun der “Offall Wirtschaft” relativ staark eropgaangen.


- Wasserversuergung




Fir d’Drenkwaasserversuergung gesin mir 2024 Recetten vun 915.000 EUR vir an Depenses vun 695.000 EUR.




Beim Oofwaasser gesin mer fir 2024 Recetten vun 706.000 EUR an Dépensen vun 902.000 EUR.





Gesamt gekuckt ass et also esou, dass mer aktuell ëmmer en Defizit beim Schmotzwaasser hunn an en Benefice beim Drénkwaasser, esou dass daat sech méi oder wéineger ëmmer ausgleicht. Héi muss een awer elo mol ofwaarden wei den Impakt vun dem néien Waasserpräis ass, deen zanter dem 1. Januar 2023 an Kraaft ass.

- Musekschoul




Wei der op dësem Grafik gesidd, huelen Depensen fir eis regional Museksschoul och ëmmer weider zou. Des belafen sech fir 2024 op 670.000 EUR. Och wann d' Subsiden vum Staat an enger änlecher Gréisstenuerdnung wei d'Recetten klammen, ass et awer esou dass mer fir 2024 en Defizit vun 294.000 EUR mussen virgesinn.

- CGDIS




Ervirzehiewen sinn och déi ëmmer weider stéigend Käschten wou mir als Gemeng fir den Fonctionnement vum CGDIS bezuelen. Des klammen zanter der Reform vun Joer zu Joer.

## Dépenses ordinaires services de secours




Héi muss een sech awer drun erënneren dass wei d'Services de Secours nach kommunal organiséiert waaren, dëst och matt engem groussen finanziellen Impakt verbonnen waar, wei een op dësem Graphik gesinn kann.

- Schoul an Maison Relais

Héi sinn follgend Posten ervirzehiewen:

- Den Schoul Transport. Dësen steigt vun ronn 380.000 EUR fir 2022 op 550.000 EUR fir 2024. Héi ass déi zousätzlech Navette déi mer asetzen fir d' Kanner aus dem Precoce an den Pavillon Cadolto ze transportéieren, souwéi d'Méikäschten déi duerch d' Ëmstellung op Elektrobusser, déi op eis duerkommen.
- Den Projet "Digital léieren" ass och fir 2023/2024 virgesinn an kascht eis 70.000 EUR pro Joer, wou dann nach 90.000 EUR dobäi kommen fir dat informatesch Material wat um Campus genotzt gëtt.
- Fir d' Fonctionnement vun der Maison Relais ass weiderhin en Budget vun 500.000 EUR virgesinn.

- Protection sociale

Am Beräich vun der Ënnerstëtzung vun sozial schwaachen Stéit iwwerhëlt d' Schëtter Gemeng eng Virreider Roll, andeem mir d'Allocation de vie chère déi

vum Staat bezuelt gëtt, nach mol op Gemengenniveau ausbezuelen. Dëst hat fir d' Gemeng Schëtter fir 2022 en Gesamtkäschten Punkt vun 110.000 EUR. Duerch déi aktuell wirtschaftlech méi schwéier Situatioun, sinn ëmmer méi Stéit op des Hëllefen ugewisen an duerfir gesinn mir fir 2024 en Montant vun 130.000 EUR vir. Do der nieft hunn mir natierlech och nach eis Participatioun un den Fonctionnementskäschten vum Office social déi vun 80.000 EUR fir 2022 op 100.000 EUR fir 2024 eropginn.

- Divers

Bei deenen aneren Depensen kann een nach follgend Punkten ervirhiewen:

- Beim Kontrakt vum Facility Management fir eis Gemengegebaier ass 2023 eng Preisupassung gemaach ginn, déi dozou féiert dass dës Käschten vun 325.000 EUR op 403.000 EUR klammen.
- Op Basis vun enger Ausschreiwung ass den Kontrakt fir d' Botzen vun eisen Infrastrukturen néi verginn ginn. Héi belafen sech déi järlech Käschten op 450.000 EUR fir 2024. Am Verglach am Joer 2022 haten mer Käschten fir den Nettoyage vun 555.000 €.
- Fir 2023 haten mer Käschten fir den Televie vun eppes iwwert 100.000 EUR, déi mer 2024 net méi hunn.
- Den Kontrakt matt enger externer Firma am Kader vun der Ëffentlechkeetsaarbecht ass och 2023 ausgelaf, wat och Erspuernisser vun ongeféier 60.000 EUR duerstellt.

Schëtter

## Résultats

| | Compte 2022 | Budget initial 2023 | Budget rectifié 2023 | Budget initial 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Recettes ordinaires | 20 130 358 € | 21 583 456 € | 23 456 192 € | 23 782 858 € |
| Dépenses ordinaires | 13 827 929 € | 15 629 523,77 € | 17 263 547 € | 18 164 500 € |
| **Résultat ordinaire** | **6 302 420 €** | **5 953 933 €** | **6 192 645 €** | **5 618 358 €** |

Op Basis vun dësen Zuelen, wäerten mer dann 2024 matt engem Bénéfice ordinaire vun 5,6 Milliounen EUR ofschléissen. Dëst ass liicht manner wei den Bénéfice deen initial fir 2023 virgesin war. Vu que dass och dësen Budget matt der néideger Virsiicht opgestallt gouf an mer och nach weider analyséieren wäerten wéi mer eis Käschten, an dësen méi schwieregen Zäiten am Grëff halen kënnen, ginn mer dovun aus, ass mer Enn 2024 en nach bessert Resultat virweisen kennen.

Op alle Fall stellen mer fest, dass mer och 2024 erëm en zolitten Iwwerschoss am ordinären Budget hunn, deen mer brauchen fir eis Investissementer am extraordinäre Budget ze finanzéieren.

**Budget Extraordinaire**

Am Kader vum extraordinären Budget, wäerten mir an Zukunft probéieren fir méi en realisteschen Budget opzestellen. An der Vergaangenheet sinn oft ganz grouss Montanten virgesinn ginn fir verschidden Projeten wou awer vun viran kloer war, dass des net sou séier ëmgesat ginn. Esou sinn vun deenen 29,5 Milliouen déi am Budget 2023 virgesinn war elo nach en Maximum vun 11,7 Milliounen am Budget rectifié virgesinn.

Esou ass den Gesamtmontant vun den Dépensen déi mir elo am Budget vun 2024 virgesin hun béi 21,5 Milliounen EUR.

An der Suite stellen mer Iech déi Haaptprojeten fir déi mer fir 2024 plangen:

- <u>Centre multifonctionnel</u>

Centre de ressources




De Centre multifonctionnel deen jo op den Terrain wou haut eisen Atelier an eise Recyclingcenter steet gebaut soll ginn, an op den Terrain niewendrun, begräift en neien modernen Atelier, en innovativen Ressourcencenter mat engem nohaltegen administrativen Gebai, mat Virbildcharakter fir 25 bis 30 Leit Personal fir de SIAS, an eng nei Kasär fir den Rettungsdéngscht vum CGDIS. Da wësst dir awer waarscheinlech schonn alles.

Et ginn awer en dësem Dossier 3 Kniet, déi eiser Meenung no de ganze Projet zanter vill Méint blockéieren a mir sinn am gaang ze analyséieren a sichen Léisungen fir aus dëser Situatioun eraus ze kommen :

1. Den Echange mat Ponts et Chaussées ass eng  gutt Iddi, da kéint dat administrativ Gebai vum SIAS vir zur Strooss kommen an dat wier eng flott Vitrinne fir Nohaltegkeet a Ressourcenschounung ze promouvéieren. Den Depot an de Garage vun der P&Ch géif dann no hannen réckelen. Et ass awer elo esou datt am Moment d'P&Ch follgend Konditiounen gesat huet:
    a. Si mussen e viabliséierten Terrain kréien an dat ouni mussen Infrastrukturkäschten ze droen.
    b. Wärend der ganzer Bauphase muss hiren Site operationell bléiwen, d.h. am Prinzip datt si net kënnen temporär op en aneren Site goen.
    c. Si plënneren eréischt wann hiert neit Gebai fäerdeg ass, also komplett bezuchsfäheg.

De Schäfferot ass der Meenung datt, och wann verschidde Konditiounen sécher nach ze verhandelen sinn, datt mir riskéieren erëm laang laang Zäit

brauchen bis hei konkret d'Weiche gestallt sinn fir kënnen virunzefueren. Zäit déi mir net méi hunn.

Och muss een wëssen datt d'P&Ch mat Bâtiments publics bauen, an do weess dann och keen wéi bei hinnen Prioritéiten sinn a wéini d'BP dann ufänkt mat bauen.

Dat sinn esou vill Inconnu'en datt de Schäfferot der Meenung ass datt mir net kënnen op P&Ch waarden an dann mat dem Projet einfach no hanne réckelen. Zumools wou den direkt Accès op den CR awer kann gemaach ginn, dat war jiddefalls d'Ausso um Telefon, well den Terrain vun P&Ch grouss genuch ass.

2. Dann war de Schäfferot mam Schäfferot vun Nidderaanven zesummen, well mir der Meenung sinn datt onbedéngt déi Strooss muss gebaut ginn, well ouni Infrastruktur och d'Planung vum Projet schwéier ass. Et kéint een zum Beispill schonn d'Kasär vum CGDIS bauen, och wann déi aner APS nach net ganz fäerdeg sinn. Dat gëtt der Planung eng gewëss Flexibilitéit.

3. De Projet ass immens kompakt an reizt all zur Verfügung stoenden m2 aus. Och ginn Rampen gebraucht fir iwwerhaapt alles ënner Daach ze kréien an et muss mat Gefierer op den 1te Stack gefuer ginn. Alles geet an de Verbrauch vun Terrain gëtt limitéiert. De Projet gëtt awer och doduerch immens deier, et bléift keng Plaz fir zukünfteg Evolutiounen a Besoinen. Mir mengen et wier gutt den Hall technique erauszeulen an op enger anerer Platz eng praktesch a funktionell Hal mat Atelier ze bauen, an do och en Hochregal virzegesinn fir zukünfteg recuperéiert Material ze stockéieren, Stéchwuert Zirkularekonomie. Mir mengen domat d'Käschten kënnen relevant ze drécken um ganze Projet, well alles vill méi einfach an doduerch manner deier gëtt

Dës Iwwerleeungen drécken sech esou an den Zuelen aus:

| Article | Nom | Budget rectif 2023 | Budget 2024 |
|---|---|---|---|
| 4/627/221311/20010 | Agrandissement du hall du service technique | 15 000,00 € | 100 000,00 € |
| 4/320/221311/20010 | Réalisation d'un Centre d'intervention intercommunal | - € | 150 000,00 € |
| 4/510/238120/20010 | Apports pour investissements à réaliser - Extension du Centre de Recyclage Munsbach | - € | 57 000,00 € |
| 4/690/221311/20010 | Réalisation d'un Complexe multifonctionnel public | 150 000,00 € | 150 000,00 € |

- <u>Aalen Pompjeesbau Minsbech</u>

| Article | Nom | Budget rectif 2023 | Budget 2024 |
|---|---|---|---|
| 4/320/221312/23013 | Assainissement et mise en état de l'ancienne caserne des pompiers dans la rue du Château | 10 000,00 € | 750 000,00 € |

Schëtter

Ancienne caserne des pompiers- rue du Château àMunsbach



Mir wëllen den ale Bau zu Minsbech, den der Amicale gehéiert an deen si an de 90er Joeren vun der Kooperativ vun de Baueren geschenkt krutt, ëmbauen an moderniséieren fir dass dësen erëm méi genotzt kann gin. An dësem Kader ass et och virgesinn, dass Deeler vun dësem och fir aner Aktivitéiten genotzt kann ginn. En 1. Projet vun den Pläng léit elo um Dësch, dësen wëllen mer elo zesummen matt den Pompjeeën analyséieren fir nach virun der Summervakanz en definitiven Projet dem Gemengerot ze proposéieren an dann Enn des Joers matt den Aarbechten unzefänken. Heifir gesinn mir en Budget vun 750.000 EUR vir.

D'Amicale vun de Pompjeeën dréit och hiren Beitrag zu dësem Projet bäi. Och wann mir hei vun engem substanzielle Betrag schwätzen, sinn déi finanziell Moyen'en natierlech vill méi bescheiden an ouni d'Gemeng ass de Projet net ze stemmen. Duerfir géif dann och spéider eng Konventioun gemaach ginn, datt och aner Veräiner zum Deel dës Infrastruktur, spriech Versammlungsraum oder Kichen notzen kënnen. D'Gebai gëtt energietechnesch renovéiert an wier PMR konform. Mir erhalen hei och e Patrimoine deen Duerfbild vun der rue de Château marquéiert.

- <u>Kläranlaag</u>

SIDEST







Bei der Kläranlag ass et esou datt hei en Gesamtinvestissement vun 160,4 Mio

- *11,4 mio EUR : Autobahn-Sammler und Becken S2 -> 100% Staat*
- *2,3 mio EUR : Projekt-Management: -> 100% Staat*
- *146,7 mio EUR: Investitionen auf der der Kläranlage -> Aufteilungsschlüssel*

# Einwohnergleichwerte

Anteil Staat

| | |
|---|---|
| Flughafen | 67 354 EW |
| Centre pénitentiare | 3 008 EW |
| Sous-total | 70 362 EW |

Anteil Gemeinden

| | |
|---|---|
| Contern | 10.684 EW |
| Niederanven | 18.807 EW |
| Schuttrange | 11.598 EW |
| Sandweiler | 9.466 EW |
| Weiler-la-Tour | 1.083 EW |
| Sous-total | 51.638 EW |

Gesamt

| | |
|---|---|
| Ausbau Kläranlage Uebersyren | 122 000 EW |

Schëtter 6,8 Mio : **22,46%**

| Article | Nom | Budget rectif 2023 | Budget 2024 |
|---|---|---|---|
| 4/520/238120/17001 | SIDEST - Apports pour investissements | 1 500 000,00 € | 1 500 000,00 € |

SIDEST







- Oofwasser an Uewerflächenwaasser (Reenaxen)

Am Kader vum Oofwassser sinn follgend néi Projeten virgesinn:

- Bei den Aarbechten un der 30er Zone virum Schoulcampus gëtt en néien Uewerflächenwasserkanal an der rue de Beyren geluegt an och an der Haaptstrooss Richtung Schëtter.
- Am Kader vum PAP Schënnbierg gouf och en néien Uewerflächenwaasser Kanal realiséiert; Dës Reewaasseraxe ass just geduecht fir d'Entwässerung vun de Agrarflächen hannert den Haiser, also am Fong Iwwerschwemmungsschutz. Et ass keen Kanal fir weider Lotissementer, mir preziséieren dëst well esou Geschichten ënnert de Nopperen verzielt ginn!
- Dann ass virgesin fir matt den Planungen fir Ernéierung vum Kanal an der gesamter Infrastruktur souwéi vum ganzen Stroosseraum an der Eiterstrooss unzefänken. Do gëtt natierlech och e Verkéierskonzept mat eisem Büro an hirer Expertise ausgeschafft a mat de Leit déi do wunnen duerchdiskutéiert.
- En Starkregenkonzept gëtt vum Bureau INCA ausgeschafft;


- <u>Waasser</u>

Mir maachen eisen Quelleschutz haaptsächlech iwwer de SIAS an do sinn och d'Suen fir d'Mesuren virgesinn. Mir wäerten och un water safty plan schaffen wou mir 100.000 Euro am Budget stoen hunn.

Fir d'Moderniséierung vun eisen Wasserrésesau an notamment d'Ersetzen vun den Waasseraueren sin och fir 2024 100.000 EUR virgesin. DWann dëst Aarbechten ofgeschloss sinn, kënnen d'Wasseraueren dann och iwwer Distance an praktesch zu all Moment, also online ofgelies sinn.


- <u>Fotovoltaik</u>

Installations solaires



Schëtter

Installations solaires




Den Projet op den Vestiären vum FC Munsbach ass ofgeschloss.

Am Gemengerot vum 25. Oktober 2023 gouf den Projet gestemmt fir Fotovoltaikanlaagen op 4 Gebaier um Schoulcampus fir en Käschtenpunkt vun 315.000 EUR.

Do dernieft schaffen mer aktuell un engem Projet fir d' Haiser an der Schlassgewann zu Schraasseg nach nodréiglech Anlagen nozerüsten.

- Klimaschutz an Naturschutz

Am Kader vun den Moossnahmen fir eis Ziler am Kader vum Klimapakt anzehalen gesin mir fir 2024:

- 200.000 EUR fir Mesueren am Kader vun der energeetescher Sanéirung;
- 250.000 EUR fir d'Emstellen vun eisen Beliichtungen....
- 50.000 EUR am Kader vum Konzept vun der "digitalisation durable"
- 200.000 EUR fir generell Mesuren am Kader vun eisen Klimakonzepter, dozou gehéiert och dass mer wellen d'Zerfifikatioun Klimaanpassungskonzept an d'Loftqualitéit 2024 maachen.
- 50.000 EUR fir den Plan d'urgence environnementale
- 100.000 EUR fir Subsiden fir déi energetesch Transitioun ze ennerstetzen

| | **2022** | **2023** |
|---|---|---|

| | | |
|---|---|---|
| Cycles | 15 019,56 € | 27 083,94 € |
| Appareils éco-énergétiques | 1 700,00 € | 3 000,00 € |
| Energies renouvelables | 29 257,66 € | 46 091,60 € |
| Borne de charge | 3 879,94 € | 13 789,89 € |
| Récipient compostage | 121,00 € | |
| | **49 978,15 €** | **89 965,43 €** |

Am Kader un der energeetescher Transitioun ass d'Gemeng Schëtter eng vun den Gemengen am Land dei haut schon hier Bierger ënnerstëtzt. Dofir sin mir em sou mei frou dass ëmmer méi Léit heivun Gebrauch gemaach hun. Den Montant un Subsiden deen ausbezuelt gin ass, geet vun ronn 54.000 EUR fir 2022 op iwwert 95.000 EUR erop. An dësem Kader hun mir fir 2024 en Budget vun 100.000 EUR virgesinn.

Fir den Naturschutz sin nach mol 100.000 EUR virgesin, dëst am Kader vun Mesuren fir d'Verbesserung vun eisen Gewässer an fir Mesuren am Kader vum Naturpakt ëmzesetzen. Hei ass et Zil fir am Freijoer 2024 Bronze-Zertifikatioun ze erreechen.

- <u>Verkéier an Stroossen</u>

Fir aktuellt Zuelenmaterial ze hun fir déi next Projet'en ze plangen ass virgesin fir 2024 erem eng Verkéierszielung ze organiséiren. Heifir sin 50.000 EUR virgesin.

Fir den Verbindungswee tëscht der Gare an der Aktivitéitszone ass den Tracé elo fäerdeg an Kontrakter matt den jeeweilegen Propriétairen vun den betraffenen Parzellen sin am Gaang ausgeschafft ze gin. Et sinn elo nach eng Réi Emweltétuden am Gaang, respektiv et mussen eventuell nach zousätzlech Etuden mussen gemaach gin, sou dass den Projet net virun Enn 2024 waert kenne lancéiert gin. Hei sin fir 2024 dofir mol 200.000 EUR virgesin.

D'Aarbechten an der rue du Village zu Aal-Schëtter sin oofgeschloss an och an der rue de Senningen sin se sou weit fäerdeg, sou dass mer do Decompten am Freijoer 2024 wärten presentéieren kennen.

Zone 30 à Munsbach




Den Projet vun der 30er Zone wäert 2024 kennen ufänken. Dei lescht Detailer sin am Gaang geklärt ze gin, matt der Ponts et Chaussées an matt den Ministèren fir dass mer ufank des Joers an d'Ausschreiwung kennen goen an den Chantier dann am Laf vum Joer kennen ufänken. Duerch dei néi Méiglechkeeten dei vum Ministère zanter dem Summer 2023 méiglech sin, ass et elo och virgesin fir d'Verkéierungsberouegunsmoosnahmen bis op d'Héischt vun der "rue du Verger" ze verlängeren. Dest wäert et och erlaaben fir verschidden vun deenen Beem dei haut schon do stin ze erhalen am Plaz dass se all hätten missen oofgeholzt gin.

- Audit

An der Suite vum Audit vun der Administratioun, hunn mir 25.000 EUR fir 2024 virgesinn fir Berodung am Kader vun der Ëmsetzung vun den néidegen Mesuren, besonnesch am Beräich vun der Digitalisatioun.

- Altersheem

CIPA Gréngewald à Niederanven



Ewéi an eiser Schäfferotserklärung schonn annoncéiert, wëlle mir de Besoinen vun eisen eeleren Matbierger Rechnung droen an de Bau vun enger Seniorenresidenz an eiser Gemeng entaméieren.

Hei hu mir fir 2024 en Montant vun 50.000 EUR virgesinn fir Etuden ze maachen fir en potentiellen Site ze identifizéieren wou mer esou en Projet ëmsetzen kënnen. Mir wäerten d' Gespréich matt verschidden Proprietairen sichen fir ze kucken wou een en Accord fannen kann fir esou en Projet an eiser Gemeng ze realiséieren.

Do dernieft kréien mir am Kader vum Ausbau vum CIPA zu Nidderaanwen am Fréijoer 2024 en zousätzlecht Zëmmer bäi. Héi musse mer awer nach op den Décompte vun Nidderaanwen waarden fir ze kucken wéivill d'Participatioun vun der Schëtter Gemeng wäert sinn. Mir hunn am Moment den Montant vun 10.000 EUR deen och déi lescht Joren am Budget virgesinn war, stoen gelooss, well mer keng kloer Ausso hunn wat eis Participatioun wäert kaschten.

- Campus scolaire

E weideren wichtegen a prioritäre Projet ass deen vum Ausbau vum Schoulcampus. Héi ass déi lescht Joren jo intensiv dru geschafft a virbereet ginn. De Masterplang gesäit d'Aarbechten um Campus a verschiddenen Phasen vir a wéi schonn an de Joren virdrun op dëser Plaz gesot, ass d' Sécherheet vun eise Kanner an eisem Personal um Schoulcampus essentiel. Dës Sécherheet muss

selbstverständlech och wärend deenen verschiddenen Phasen séchergestallt sinn.

Generell ass eis Philosophie bei der Planung vum Schoulausbau déi, datt mir e Gesamtmontant fir d'Etuden virgesinn. Deen ass bei 325.000 EUR a soll als Dépense fir déi Gesamtplanung fir 2024 betruecht ginn. Soubal mir dann e konkreten Projet fir déi jeweileg Phase hunn, kommen mir dann an den Gemengerot fir dësen ze stëmmen an den néidegen Budget virzegesinn.

Eist Zil ass et fir Enn 2024/Ufank 2025 den neien Ubau hannert dem aktuellen Gebai vun der Maison Relais unzefänken an heifir gesinn mir elo e Montant vun:

- 340.000 EUR um Niveau vun den Betreiungsstrukturen an
- 500.000 EUR um Niveau vun der Schoul vir.

An der selwechter Iwwerleeung an am Kader vun der selwechter Phase, soll elo och den Neibau vun der Kichen lancéiert ginn. Fir dësen Deel entaméieren ze kënnen sinn dann 335.000 EUR fir d' nächst Joer virgesinn.

Wat den Ausbau vum Gebai 10, spréch wou d'Cyclen 2-4 dra sinn, ubelaangt, sou waren zwar 213.000 EUR um Niveau vun den Betreiungsstrukturen an 320.000 EUR fir d'Schoul fir d'Joer 2023 virgesinn, mee net benotzt ginn. Mir sinn eis bewosst, datt d'nächst Joer dës Aarbechten net wäerten entaméiert ginn, sou datt mir fir 2024 nëmmen jeeweils 20.000 EUR virgesinn.

Déi selwecht Approche hu mir virgeholl wat den Ausbau vun den Gebaier 6 an 7, spréch dem Cycle 1 an der Bibliothéik, ugeet, well mir fir 2024 net mam Ufank vun den Aarbechten rechnen.

Um Niveau vun der Crèche ass et elo esou, datt mir fir 2024 keng Montanten méi virgesinn. Dëst aus deem Grond, datt den Ausbau vun der Crèche an der aktueller Phase vum Masterplang net berücksichtegt ass.

Wat dann nach déi Al Schoul ubelaangt, sou gesinn mir 35.000 EUR vir fir eng Etude betreffend enger Reaffektatioun vun dësem Gebai, sou wéi enger energeetescher Sanéierung.

- <u>Jugendhaus</u>

Déi energeetesch Sanéierung vun eise Gemengegebaier ass e wichtege Punkt fir eis an an deem Kader plangen mir fir 2024 en Konzept auszeschaffen an gegeebenenfalls och d' Aarbechten fir eng Sanéierung vum Jugendhaus

ëmzesetzen. Dofir gesinn mer am Moment mol en Montant vun 275.000 EUR fir 2024 vir.

- <u>Sylviculture</u>

Stippi



Wat den Service forestier ugeet, wou mer duerno den plan de gestion forestier nach stëmmen, sou ass ze soen datt hier Investissementer zu 50% vun eis iwwerholl ginn an zu 50% vun der Gemeng Nidderaanwen. Hei gëtt d'nächst Joer an hier Schräinerei investéiert, an spezialiséiert Gefierer an an en neien Holzuewen.

- Neien Duerfkär

« Neien Duerfkär » à Schuttrange




Duerch d’Walen an dësem Joer ass dësen Projet méi lues virugaangen. Et ass just eng Etude iwwert d’ Parkméiglechkeeten realiséiert ginn. Den néien Schäfferot ass am Moment an den finalen Verhandlungen, souwuel matt Drees & Sommer déi dësen Projet begleet hunn, wei och matt Metaform, dem Gewënner vum Urbanisten Concours fir déi kontraktuell Basis fir déi weider Zesummenaarbecht festzeleeën. Donieft schaffen mir awer och aktuell un der Definitioun vun den verschidden Phasen vum Projet vir esou schnell wéi méiglech virunzekommen.

Fir 2024, ass en Budget vun 300.000 EUR virgesinn fir d’Planungen vun dësem wichtegen Projet fir eis Gemeng. Dëst sinn just Depensen fir déi Gesamtplanung vum Projet. Aktuell ginn mir net dovun aus, dass 2024 schonn en Budget fir verschidden Bauprojeten virgesinn muss ginn. Sou bal en Architektur Projet fir déi eenzel Bau Phasen virläit, kommen mir an den Gemengerot fir dësen ze stëmmen an gesinn dann déi néideg Budgeten vir. An där Logik hunn mer och déi eenzel Posten fir déi individuell Projeten op 20.000 EUR erofgesat , just beim Chalet vun den Scouten hunn mer 50.000 EUR virgesinn, well dësen Projet schonn méi onofhängeg geplangt kann gin.

- <u>Néi Bürosraimlechkeeten um Späicher</u>

Schëtter

Extension du grenier au service technique



Dësen Projet den sou gudd wei ofgeschloss huet zousätzlech Büroen an eng MeetingBox geschaaft, wat eis kuerzfristeg déi néideg Plaz gëtt fir all eis Servicer ënnerzekréien.

Am Gemengerot vum 25. Oktober 2023 haten mer zu dësem Projet nach en Devis supplémentaire missen stemmen esou dass sech d' final Käschten vun dësem Projet wäerten op ronn 830.000 EUR belafen.

- Abordabelen Wunnraum

  - 2 Eefamilljenhaiser an der rue de la Montagne

Maison unifamiliales –rue de la Montage àUebersyren



Dësen Projet wäerten mer matt engem Totalkäschtenpunkt vun 1,825 Milliounen EUR ofschléissen. Dofir sinn am BR 2023 nach mol ronn 350.000 EUR virgesinn. Den Décompte wäerten mer dann an den nächsten Méint presentéieren.

Fir dësen Projet ass fir 2024 en Subside an Héicht vun 1.200.000 EUR virgesinn. Aktuell ass den Subside deen accordéiert ginn ass berechent op Basis vum Devis vun 2017 deen sech op 1,23 Milliounen EUR belaf huet. No Gespréicher mam Logementsministère, sinn mer verbliwwen dass mer fir d'éischt den Decompte vum Projet maachen, an dass den Ministère op där Basis d' Subsiden néi ausrechent an dass mer dann eng néi Konventioun ënnerschreiwen wou den Subside un déi méi héich Käschten ugepasst gëtt.

  - Projet Leyenbierg-Centre 2 Eefamilljenhaiser

Maisons unifamiliales– Leyenbierg-Centre




Des Haiser sinn jo schonn séit enger Zäit verlount. Do goufen 2023 elo nach Aarbechten matt Stëtzmaueren gemaach, woufir am Budget rectifié 2023 nach mol 100.000 EUR virgesinn goufen. Dann kann den Projet och definitiv ofgeschloss ginn. Do stinn dann nach Subsiden fir 2024 an Héicht vun 430.000 EUR aus, woubäi mer schonn 2019 eng 1. Tranche vun ronn 586.000 EUR vum Logementsministère kritt hunn an 29.000 EUR vum Emweltministère.

- Projet Wunneng am Speicher vum 107, rue principale zu Schëtter

Logement abordable -107, rue principale à Schuttrange





Dësen Projet wäerten mer matt engem Totalkäschtenpunkt vun 540.000 EUR

EUR ofschléissen. Dofir sinn am BR 2023 nach mol ronn 365.000 EUR an fir 2024 nach 195.000 EUR virgesinn. D'Wunneng ass spéitsten fir am 2. Trimester 2024 faerdeg an kann dann verlount gin.

Hei ass aktuell en Subside vun 200.000 EUR fir 2024 virgesinn, well mer jo zousätzlechen abordabelen Wunnraum schafen.

- Projet – Wunnengen fir en Projet matt der Wunnengshellef asbl

Logements pour jeunes– Schënnbierg à Munsbach



Bei dësem Projet hunn mer jo zesummen matt der Wunnengshëllef en Projet realiséiert fir Zëmmer fir Jugendlecher ze amenagéieren. Den Ëmbau vum Haus aus souwäit oofgeschloss an déi Jugendlecher wunnen och schon am Haus. Fir dësen Projet war den 24. Februar 2021 en initial Devis vun 386.000 EUR gestëmmt ginn. Am Gemengerot vum 25. Oktober 2023 hunn mer hei en zousätzlechen Devis vun 229.000 EUR missen stëmmen, sou dass den Gesamtkäschtenpunkt fir den Ëmbau bei 615.000 EUR wäert léien. Am 1. Trimester 2024 wäerten mer dann och den Décompte vun dësem Projet am Gemengerot stëmmen kennen an duerfir rechnen mer dann och dass mer 2024 den Subside vum Logementsministère an Héicht vun 1.408.000 EUR ausbezuelt kréien. Dësen Subside couvréiert net nëmmen en Deel vun den Fraisen vun den Ëmbauaarbechten, mee och en Deel um Präis deen mer bezuelt fir d' Haus an déi ëmleeën Terrainen ze kafen.

Wat déi néi Projeten betrëfft:

- Projet 4 Eefamilljenhaiser an der rue des Jardins

Logements à coût modéré- rue des Jardins à Uebersyren





Héi geet et em den Projet vun 4 Eefamilljenhaiser deen aktuell an der Vente matt bail emphythéotique ass. Stéit déi un dësen Haiser interesséiert sinn hunn och nach bis den 30. November 2023 Zäit fir hir Demande ze stellen. Aktuell hunn mer 5 Demanden kritt.

Héi ass d' Ausschreiwung fir den Bau ofgeschloss an d'Procédure vun der Auswäertung vun den Offeren vun den Firmaen déi matgemaach hunn ass am Gaang. Op Basis vun den Offeren an och dem Planning den virgesinn ass, rechnen mer fir 2024 matt 2.000.000 EUR Konstruktiounskäschten. Do sinn Subsiden vum Logementsministère an Héicht vun 200.000 EUR virgesinn, dëst sinn d' Subsiden op dem Präis vum Terrain an eventuell op den Frais d'étude. Well des Haiser jo verkaf ginn, ass do och eng Participatioun an Héicht vun 1.800.000 EUR vun den zukünftegen Proprietairen virgesinn, sou dass sech hei Depensen an d' Recetten ausgläichen.

- Projet rue du Village zu Aal-Schëtter

Logement à coût modéré– rue du Village à Schuttrange



Dësen Projet ass jo den 27. Abrëll 2022 am Gemengerot gestëmmt ginn an ass awer net realiséiert ginn. Mir wëllen dëse Projet erëm reaktivéieren an 2024 op mannst Démolitioun vum aktuellen Haus wat eidel steet realiséieren an och néien Elan an dësen Dossier erabréngen. Duerfir gesin mir 500.000 EUR fir 2024 vir.

Dann kommen mer zu den PAP’en wou zousätzlechen abordabelem Wunnraum entstoen soll:

- PAP – Um Kallek

PAP « Um Kallek »



Do ass en Bureau d'études matt der Gestion de Projet beoptraagt fir do en Projet am Kader vum PAP NQ auszeschaffen. Do sinn aktuell méi detailléiert archeologesch Fouillen virgesinn, wouduerch et schwéier ass fir en méi genauen Zäitplang virzegesinn. Aktuell hunn mir mol 100.000 EUR fir 2024 virgesinn fir weider Etuden am Kader vun däsem Projet.

- PAP – Um Schënnbierg

PAP – « Um Schënnbierg »





Do sinn aktuell d' Infrastrukturaarbechten an vollem Gaang. Laut den

Konventiounen déi am Kader vun dësem PAP vum Gemengerot am Januar 2023 validéiert ginn sinn, muss d' Gemeng sech bei dësem PAP matt engem Montant vun 900.000 EUR bedeelegen. Donieft hunn mer och nach 100.000 EUR fir Etuden virgesinn fir déi 2 Residencen à jeeweils 6 Unitéiten déi der Gemeng am Kader vun dësem PAP gehéieren.

### Infrastrukturen fir d' Veräiner

- FC Munsbach

Schëtter

Infrastructure sportive FCMunsbach



Fir déi sportlech Infrastrukturen op Bissemt hunn mir 2024 en Montant vun 2.000.000 EUR fir den Neibau vun der Buvette matt Formatiounsraum, souwéi 150.000 EUR fir Frais d'étude am Kader vum Projet fir en 2. Trainingsterrain fir den Jugendberäich an den Réamanagement vun dem aktuellen Terrain. Aktuell leeft d' Ausschreiwung fir déi néi Infrastruktur déi den 27. Abrëll 2022 am Gemengerot gestëmmt ginn ass an wou en Gesamtkäschtenpunkt vun 3,5 Milliounen EUR virgesinn ass. Den Delai fir d' Offeren ofzeginn ass den 9. Januar 2024, sou dass mir hoffen Mëtt vum nächsten Joer mam Projet unzefänken. Fir d'Bauzäit ze iwwerbrécken, mussen mer natierlech och eng provisoresch Léisung opriichten fir dass den normalen Spillbetrieb vum FC Mensbech weider funktionéieren kann. Mir waarden aktuell och op d'Finalisatioun beim Notaire vum Terrain deen nieft dem aktuellen Terrain léit fir do dann den Projet vun

engem Trainingsterrain ze realiséieren. Finalement, ass am Kader vun eisen Ziler bei der energeetescher Sanéierung vun eisen Gebaier, virgesinn d’ Vestiairen op Verbesserungspotenzial ze iwwerpréiwen.

- TC Schëtter

Tennis



Fir 2024 hunn mer en Montant vun 100.000 EUR virgesinn, fir alternativ Léisungen zum Ballon, deen fir d’ Wantersaison iwwert 2 baussen Tennis Terrainen opgeriicht gëtt, ze préiwen. Den Gasverbrauch fir dësen Ballon ze hëtzen ass enorm an dréckt immens staark op CO2 Bilanz vun eiser Gemeng. Duerfir wëllen mir aktiv, zesummen matt den Responsabelen vum TC Schëtter, no Léisungen sichen fir méi eng nohalteg Solutioun ze fannen déi den Besoinen vum Club Rechnung dréit.

- Support vun den Veräiner

Donieft ass wei schonn gesot den Projet vum néien Scoutschalet eng absolut Prioritéit am Kader vum néien Duerfkär. Héi wäert jo och den néien Kulturzentrum matt Raimlechkeeten fir eis Veräiner entstoen. Och fir den néien Prouwraum fir eis Musek soll eng laangfristeg Léisung entstoen déi hieren Besoinen entsprécht.

## Résultat extraordinaire

Schëtter

Résultat extraordinaire

| | Compte 2022 | Budget initial 2023 | Budget rectifié 2023 | Budget initial 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Recettes extraordinaires | 2 060 084,04€ | 9 021 327,95 € | 2 223 904,33 € | 7 757 779,19 € |
| Dépenses extraordinaires | 10 313 532,89 € | 24 366 871,48 € | 11 737 665,84 € | 21 579 415,93 € |
| Résultat extraordinaire | - 8 253 448,85 € | - 15 345 543,53 € | - 9 513 761,51 € | - 13 821 636,74 € |

Den Budget extraordinaire rectifié vun 2023 schléisst matt Recetten an Héicht vun 2,2 Milliounen (BI 2023: 9 Milliounen) an Depensen vun 11,7 Milliounen (BI 2023: 24,4 Millioune), wat engem Mali vun 15,3 Milliounen entsprécht.

Fir 2024, léien déi extraordinäre Depense béi 21,6 Milliounen, an d' Recetten bei 7,7 Milliounen, wat dann en Mali vun 13,8 Milliounen géif maachen.

## Résultat global

Schëtter

Résultat global

| | Compte 2022 | Budget initial 2023 | Budget rectifié 2023 | Budget initial 2024 |
|---|---|---|---|---|
| Résultat ordinaire | 6 302 419,52 € | 5 953 932,71 € | 6 192 644,69 € | 5 618 357,65 € |
| Résultat extraordinaire | - 8 253 448,85 € | - 15 345 543,53 € | - 9 513 761,51 € | - 13 821 636,74 € |
| | **- 1 951 029,33 €** | **- 9 391 610,82 €** | **- 3 321 116,82 €** | **- 8 203 279,09 €** |
| Boni du compte N-1 | 16 639 364,62 € | 9 988 321,17 € | 14 688 335,29 € | 11 367 218,47 € |
| | **14 688 335,29 €** | **596 710,35 €** | **11 367 218,47 €** | **3 163 939,38 €** |

D’Gesamtsituatioun presentéiert sech dann wei follegt:

D’ Joer 2022 hunn mer matt engem Mali vun ronn 2 Milliounen EUR ofgeschloss, zesummen mam Boni reporté vun 16,6 Milliounen hunn mer dann en Iwwerschoss vun 14,7 Milliounen EUR.

Fir den Budget rectifié 2023 gin mer vun enger Perte vum Joer vun -3,3 Milliounen aus, zesummen mam Boni reporté vun 2022, kéimen mer dann op en Iwwerschoss vun 11,4 Millounen EUR.

Fir 2024, ass eng Perte vum Joer vun 8,2 Milliounen EUR budgétiséiert, zesummen mam prévisionellen Boni reporté vun 11,4 Millounen EUR hätten mer dann en Iwwerschoss vun 3,2 Millounen iwwreg. Do dernieft hunn mer jo och nach eis Réserve budgétaire vun 1,6 Milliounen EUR.

Natierlech ass dëst en Budget deen nom Principe de prudence opgesat ass, wou mer Dépensen realistesch an awer matt der néideger Virsicht ageschat hunn, an dofir ginn mer dovun aus, dass den Iwwerschoss méi héich wäert ausfalen wei geplangt

Fir ofzeschléissen, ass et e ganz grousse Merci un all eis Servicer déi gehollef hunn fir dëse Budget opzestellen. Mir haten déi läscht Wochen vill an konstruktiv Gespréicher fir zesummen Projeten fir d’ nächst Joer festzeleeën, Depensen ze hannerfroen an eis Recetten gréndlech ze préiwen.

Och elo schonn e grousse Merci all deenen déi hëllefen wäerten fir all dat ëm ze setzen wat mer eis virgeholl hunn.

Déi nächst 2 Wochen huet d’ Finanzkommissioun an dir hei um Dësch Zäit fir des Dokumenter ze analyséieren an mir freeën eis dann fir den 13. Dezember 2023 zesummen eng konstruktiv Diskussioun ze hunn.